ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Dezember 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

D'EU-Sanktioune géint Russland bleiwe nach ëmmer a Kraaft, och wa Russland politesch a militäresch e wichtege Partner am Kampf géint den IS ass. Am Zesummenhang mat de Sanktioune wollt ech dowéinst dës Froe stellen:

1. Wéi eng Plaz huet Russland als Wirtschaftspartner fir Lëtzebuerg?
2. Onofhängeg vun de Sanktiounen, wéi eng Bedeitung fir Lëtzebuerg kënnt dem russesche Maart zou a gesinn déi Häre Ministeren do besonnesch Opportunitéiten?
3. Wéini wor déi lescht Wirtschaftsmissioun a Russland, mat wéi enge Resultater, a fir wéini ass déi nächst geplangt?
4. Wéi huet sech de russeschen Tourismus zu Lëtzebuerg iwwer déi lescht Joeren (mat 2015) entwéckelt?
5. Wéi entwéckelen sech d'Resultater vun der Finanzplaz mat Russland?
6. Ass en Impakt vun de Sanktiounen bei den Déngschtleeschtungen ze spieren, z.B. bei den Aktivitéite vum Freeport, dem Loftcargotransport oder soss an der Logistik?
7. Wéi entwéckelen sech déi russesch Investitiounen hei am Land?
8. Wéi en Impakt hunn d'Sanktiounen op déi lëtzebergesch Agrikultur?
9. Wéi eng vun de verschiddenen Zorten Sanktiounen, déi d'EU géint Russland verhaang huet, haten oder hunn e besonnesch staarken Impakt op Lëtzebuerg?
10. Wéi eng Positioun vertrëtt Lëtzebuerg am EU-Conseil wat d'Sanktiounen géint Russland ugeet?

11. Ass déi Lëtzebuerger Regierung fir Visumerliichterungen fir russesch Staatsbierger?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten